

Rapport Referees Commission vum 3. Abrëll 2018

Uwiesend (présents): Ney, Geib, Weinzierl, Frieseisen, Pascalicchio, Keiffer, Simonelli, Nesser

Entschëllegt (excusés): Weber, Schmitt

1. Adoptioun vum Rapport vum 3.03.2018 (Adoption du rapport du 03.03.2018)

De Rapport ass approvüiert. (Le rapport est approuvé.)

2. Austausch mat enger Arbitterkoppel aus Wien - Receptioun vun den Arbitteren (Echange avec un duo d'arbitres autrichiens - Réception des arbitres)

De Weekend vum 6. op den 8. Abrëll kennt eng Arbitterkoppel aus Wien 3 Matcher aus eise Championnat päifen (Pressecommuniqué vum 3. Abrëll) (*Un duo d'arbitres de Vienne viendront siffler trois matchs de notre championnat pendant le weekend du 6 au 8 avril. Communiqué de presse du 3 avril*)

Fir den Härematch Red Boys - Esch e Freideg de 6. Abrëll stellt sech den Alain Rauchs zur Verfügung fir si op Déifferdeng ze féieren. Fir den Härematch Diddeleng - Käerjeng e Samschdeg de 7. Abrëll stellen sech de Sabien Weber an den Denis Weinquin zur Verfügung fir si op Diddeleng ze féieren. Fir den Dammematch Käerjeng - Standard Sonndes den 8. Abrëll stellt sech de Patrick Simonelli zur Verfügung fir si op Bascharage ze féieren. (*Pour le match hommes Red-Boys - Esch du vendredi 6 avril, Alain Rauchs s'occupera du transfert des 2 arbitres. Pour le Match hommes Dudelange - Käerjeng du 7 avril Sabien Weber et Denis Weinquin organiseront les déplacements. Patrick Simonelli se chargera du transport pour le match dames Käerjeng - Standard*)

Well d'Arbitteren op hier Remuneratioun verzichten, gëtt den Austausch mat deene Sue bezuelt, an et gëtt net méi deier fir d'Clubb. D'Clubb kréien des Frais de Match op hier Rechnung gesat. (*Vu que les arbitres renoncent à leurs rémunérations, l'échange se financera par cet argent, et cet échange ne sera donc pas plus cher pour les clubs concernés. Les frais de match seront facturés aux clubs respectifs par le biais de la FLH.*)

Den Deleugué vun de Matcher këmmert sech em d'Formaliteiten, d.h. Fiche technique an eventuel direkt Disqualifikatiounen. (*Le délégué de Match se charge des formalités organisationnels, c'est-à-dire fiche technique et d'éventuels disqualifications.*)

3. Faarwe vun der Spilleruniform / Arbitteruniform (Couleurs des uniformes des joueurs / des arbitres)

D'Refcom well d'Clubb nach eng Kéier drop hiweisen, dass d'Faarweregél MUSS an ALLE Kategorien agehale ginn. Dëst zielt zemoools fir d'Matcher Esch - Red Boys a Red Boys - Esch, wou d'Gaaschtequipe soll a WÄISS (ie: Esch zu Déifferdeng NET a Schwaarz, Red Boys zu Esch NET a Rout) spillen, an dat an ALLE Kategorien. (*La Refcom tient à rappeler aux clubs que la règle des couleurs DOIT être respectée dans TOUTES les catégories. Ceci compte*

surtout pour les rencontres Esch - Red Boys et Red Boys - Esch, ou l'équipe visiteuse doit jouer en BLANC et ceci dans toutes les catégories (ie: Esch à Differdange PAS en noir, et Red Boys à Esch PAS en rouge)

4. Loterie Nationale Final4 2018

Souwäit ass alles organiséiert an den Här Helmut Wille kënt Mëttwochs den 18.4 op Lëtzebuerg. De Patrick Simonelli stellt sech zur Verfügung fir hie sichen ze goen. *(L'organisation est plus ou moins terminée, Monsieur Helmut Wille arrivera mercredi 18 avril au Luxembourg. Patrick Simonelli s'occupe de prendre en charge Monsieur Helmut Wille)*

5. Koordinatioun Austausch Jeunes Arbitres an der Grande Région (Coordination et échange Jeunes Arbitres dans la Grande Région)

D'Koordinatioun ass am gaange fir d'Turnéier zu Beetebuerg. Mir waarden op Äntwerten aus der Groussregioun. *(La coordination est en cours pour le tournoi à Bettembourg. Nous attendons des réponses des responsables de la Grande Région)*

6. Arbittercours fir de Cycle Inférieur (Cours d'arbitres du Cycle Inférieur)

Dëse Cours ass op de 15., 16. a 17. Juni festgeluecht ginn. Ee Minimum vun 10 Leit muss sech aschreiwen an den Alter ass minimum 16 Joer. *(Ce cours a été fixé au 15, 16 et 17 juin. Un minimum de 10 participants est requis et l'âge minimum est fixé à 16 ans)*

7. Arbitterstage zu Mondorf den 1. an 2. September 2018 (Stage pour les arbitres à Mondorf du 1 au 2 septembre)

Et hunn sech bis elo 12 Arbitteren ugemellt. Ee Minimum vun 20 ass gefrot. *(Pour l'instant 12 arbitres se sont inscrits. Un minimum de 20 personnes est requis)*

8. Vergoen virun a nom Match vu Leit déi um Spillbou stinn (Infractions d'avant et d'après match de personnes inscrites sur la feuille de match)

Fir den Tribunal ze entlaaschten, proposéiert d'Refcom déi selwecht d'Strofen unzewenden, wéi wann et am Match geschitt wär. Wann den CA och där Meenung ass, soll d'Statuttekommisioun duerfir d'Artikelen 10 + 11 vum Code Disciplinaire an deem Sënn fir déi nächst AG iwwerschaffen. *(Afin de décharger le tribunal fédéral, la Refcom propose d'appliquer les mêmes pénalités comme si l'infraction avait été commise pendant la rencontre. Si le CA est du même avis, la commission des statuts est priée de réviser les articles 10 et 11 du Code Disciplinaire dans ce sens pour la prochaine AG.)*

9. Reegel- a Laftest

Den nächsten Datum fir de Reegel- a Laftest ass op de 7. Juli um 9h30 festgeluecht ginn. *(La prochaine réunion pour les tests "de règles" et "de fitness" a été fixée au 7 juillet à 9h30)*

10. Versammlung mat der FLF betreffend "Journée de l'Arbitrage" (*Réunion avec la FLF concernant la "Journée de l'Arbitrage"*)

Déi nächst « Journée de l'Arbitrage » ass op den 30. September 2018 festgeluecht ginn. Et gëtt iwwert een neit Konzept vun de Flyeren a Film nogeduecht. (*La prochaine "Journée de l'Arbitrage" a été fixée au 30 septembre 2018. En est sur le point de réfléchir à un nouveau concept pour les flyers et le film.*)

Nächst Versammlung : Dënschdeg den 8. Mee um 18.15 Auer (*prochaine réunion : mardi 8 mai à 18:15 heures*)